LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse du ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°3797 du 19 mars 2026 de l'honorable député André Bauler au sujet de la situation du secteur des boulangeries au Luxembourg**

1. **Wéi huet sech d'Zuel vun de Bäckereien hei am Land zanter 2020 entwéckelt?**
2. **Wéi vill Leit schaffen de Moment an där Branche vun eiser Ekonomie?**

Ewéi d'Statistike vun der Chambre des Métiers ervirhiewen, ass d'Zuel vun den Entreprisen, déi zënter dem Joer 2020 enger Haaptaktivitéit als Bäckerei noginn, relativ stabil bliwwen. Esou goufen an dëser Kategorie am Joer 2020 91 Entreprisen gezielt, am Joer 2025 goufen 86 Firmen opgelëscht, wat engem Réckgang vu 5,4% entsprécht.
D'Zuel vun de Salariéen huet am selwechten Zäitraum e Réckgang vun 13,8% kannt. 2020 goufen an dësem Secteur 3.426 Salariéen gezielt, am Joer 2025 waren et 2.950 Salariéen.

| Joer | Zuel vun den Entreprisen | Zuel vun den Salariéen |
|---|---|---|
| 2020 | 91 | 3.426 |
| 2021 | 94 | 3.274 |
| 2022 | 91 | 3.360 |
| 2023 | 87 | 3.114 |
| 2024 | 80 | 3.126 |
| 2025 | 86 | 2.950 |

Wat d'Unzuel vun den Handelsermächtegunge vun de vun de Bäckereie betrëfft, muss festgehale ginn, datt d'Reform vum Gesetz iwwert den Droit d'établissement aus dem Joer 2023 en Impakt op d'Statistiken hat. An de leschte fënnef Joer gouf hei e Réckgang verzeechent. Esou goufen 2020 310 Handelsermächtegungen an deem Secteur gezielt, 2026 waren et nach 214 Handelsermächtegungen. D'Gesetzesreform spillt heibäi eng wichteg Roll, well d'Point de vente'en an d'Exploitatiounssiten vun de Bäckereien net méi all eng Handelsermächtegung brauchen a just nach mussen notifiéiert ginn.
Et sief bemierkt, datt d'Zuel vun den Handelsermächtegungen net gläichzesetzen ass mat der Zuel vun den Entreprisen. Eng eenzeg Entreprise kann eng Rei vun Handelsermächtegungen hunn.

3. **Kann een hei zu Lëtzebuerg vun enger Konzentratioun mat oligopolisteschem Charakter am Bäckereiwiese schwätzen?**

Et läit net am Kompetenzberäich vun der Regierung d'Maartstruktur an den Impakt op d'Konkurrenzsituatioun ze bewäerten. Dës Analyse fält ënnert d'Kompetenz vun der Konkurrenzautoritéit. An dësem Zesummenhang kann d'Konkurrenzautoritéit op eegen Initiativ decidéieren eng Enquête an engem bestëmmte Wirtschaftssecteur duerchzeféieren, wann et Hiweiser op eng méiglech Aschränkung oder Verzerrung vun der Konkurrenzsituatioun ginn.

Luxembourg, le 30/03/2026
Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l’Énergie et du Tourisme
(s.) Lex Delles